



Groupe parlementaire

N°876
Entrée le 11.06.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.06.2024

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Juni 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

An der Gemeng Kielen goufen an der Uertschaft Dondel souwuel d'Strooss Richtung Nospelt wéi och Richtung Meespelt gespaart.

An deem Zesammenhang géif ech der Madamm Verkéiersminister gär dës Fro stellen:

- 1) Wéi begrënnt sech déi Decisioun vun der duebeler Sperrung? Bis wéini sollen déi Stroosse gespaart bleiwen?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro N° 876 vum 11. Juni 2024 vum Här Deputéierte Fred Keup.

Bei deene vum Här Deputéierte genannte Gemengestroossen handelt et sech ëm d'Nospelteran d'Meespelterstrooss zu Dondel. Well et sech hei deemno em keng Staatsstroossen handelt, ass weder d'Stroossebauverwaltung nach de Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte fir d'Spärung vun dese Stroossen zoustänneg, mee d'Gemeng Kielen.

Mir leie keng Informatiounen vir, fir wéi laang dës Stroosse solle gespaart bleiwen.

Laut deene mir virleiden Informatiounen ass d'Nospelterstrooss schonn zënter dem 2. August 2021 wéinst dem Asacke vun der Strooss a deemno aus Sécherheetsgrënn gespaart. D'Meespelterstrooss ass gespaart wéinst Aarbechten am Kader vun enger Quellfaassung fir de Waassersyndikat SES (Syndicat des Eaux du Sud).

Lëtzebuerg, den 1. Juli 2024

Ministesesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes